Ierpeldeng-Sauer

# Ee participative Budget

Nom Succès vum 1. participative Budget am Joer 2024, huet de Gemengerot och fir 2025 ee Budget vu 50.000 € gestëmmt, fir Är Iddien ëmzesetzen.
2024 hunn 18 Leit a Veräiner insgesamt 31 verschidde Proposen agereecht.
De Gemengerot huet decidéiert, mat dem Budget vu 50.000 € déi follgend Projeten ëmzesetzen:

1. Velowäschstatioun um Camping zu Angelduerf
2. Eng Beschattung op der Spillplaz bei der Crèche zu Bierden an
3. Drénkwaasserbornen zu Ierpeldeng-Sauer an zu Bierden

**Wat ass ee participative Budget?**

An enger Gemeng decidéiert am Prinzip de Gemengerot, op Propositioun vum Schäfferot, wat mat de Finanze vun der Gemeng geschitt, dat heescht a wéi eng Projeten (Schoul, Stroossen, Gebaier, Feldweeër etc.) d'Suen, déi d'Gemeng era kritt, investéiert ginn. Mam participative Budget kréien elo d'Bierger d'Geleeënheet, Projeten ze proposéieren, déi hirer Meenung no an der Gemeng ëmgesat solle ginn. Dës Projete sinn net déi grouss Infrastruktur-Projeten, mee éischter méi kleng Initiativen. Wéi gesot huet de Gemengerot am Budget 2025 ee Betrag vu 50.000 € fir d'Realisatioun vu participative Projete reservéiert.

KlimaPakt
meng Gemeng engagéiert sech

NORDSTAD

**Wéi kann ech mäi Projet era reechen ?**

Wann Dir **an der Gemeng Ierpeldeng-Sauer wunnt** an eng Iddi hutt, déi Dir ëmgesat gesi wëllt, da schéckt Är Propose **bis de 28. Februar 2025** per Mail (pb2025@erpeldange.lu) oder per Bréif un de Schäfferot. Et ginn u sech keng Restriktioune wat de Projet ugeet. Natierlech muss et eppes **Legales** sinn, et soll der **Allgemengheet ze gutt kommen** an de **maximale Budget ass 50.000 €.** Et wier vu Virdeel, wann Dir schonn eng **Indikatioun vum Präis hätt,** dëst ass awer keng absolut Konditioun. Bedenkt wgl. dass de maximale Budget vu **50.000 € fir de ganze Projet gëllt**. Dozou gehéieren och d'Aarbechte fir de Projet z'installéieren (Stroum, Waasser leeën etc.). De Projet muss **um Territoire vun der Gemeng Ierpeldeng-Sauer** realiséiert ginn.

**Wee kann ee Projet era reechen ?**

All Awunner, Veräin oder Associatioun aus der Gemeng huet d'Recht ee Projet eran ze reechen. Et gëtt keng Alterslimitt an och Kanner oder Schoulklasse kënnen deemno hirer Imaginatioun fräie Laf loossen.

**Wéi ee Projet gëtt ëmgesat ?**

Nom 28. Februar kontrolléiert de Schäfferot d'Proposen an duerno decidéiert de Gemengerot wéi ee Projet (oder Projete wann et méi klenger sinn) ëmgesat gëtt/ginn. Jee no Komplexitéit vum Projet gëtt dee wann nëmme méiglech nach am lafende Joer realiséiert. Déi Projeten, déi net zeréck behale goufe, kënnen dat Joer drop op een neits era gereecht ginn.